# D E I  A L  B O X

( De Schneider setzt um Desch, d'Bén iwernén, de Friedche kent eran, eng grouss Schmier an der Hand.)

Friedchen: Ech hätt gär eng nei Box, wann ech gelifft!(Höllt en decken Maufel)

Schneider: Esou séier, Friedchen. Setz dech emol. Ass déi Box da fir dech?

Fr.: Ma fir wién dann? Ech hu meng Sonndes un.

S. : Ass dat deng Sonndes? Wou ass dann deng Wiertes?

Fr.: (Wöllt net eraus mat der Fârw, kuckt an de Buedem as esst dichteg un der Schmir)

S.: Ech mengen du hâs keng Wiertes?

Fr.: M a dach, ech hât nawell eng Wiertes, mais meng Mamm sot, ech soll neischt vun der soen.

S.: Jé, mir kanns du et frei soen, ech soe kengem et.

Fr.: Nén, ech soen et net.

S.: Jé, jé, huet én der se geholl?

Fr.: Nén.

S.: Hues de se verluer?

Fr.: Haha, nén.

S.: Ah, du hues se mat de Jicke verspillt.

Fr.: Alt net!

S.: Hues du se dann eweg geléint?

Fr. Hä, eng Box léint én net eweg.

S.: Elo wéss ech et: Et huet én der se geholl.

Fr.: Alt net.

S.: Ja, Friedchen, ech muss wössen wou déi al ass, soss kann ech keng nei machen.

Fr.: Ma dir macht dach keng nei mat der âler!

S.: Ma ech muss se dach hun fir d'Moss ze huelen.

Fr.: Ma duerfir hun ech jo meng Sonndes hei.

S.: Get déi Wiertes da grad, wéi déi Sonndes?

Fr.: Ma natirlech!

S.: Ah dann! Dann ass et eng aner Sâch. Da wârt nach eng Stonn er véier, bis ech déi hei ferdeg hun.

Fr.: Esou lang kann ech net warden.

S.: A wat fir Geschäften hues du dann nach? Denger Mamm un d'Gebés goen? Dât léft net fort. Mat Pale Frin dem Koschter d'Aeppel lausen?

Fr.: Ech war nach net um Koschter sengen Aeppel. En huet emol keng.

S.: Ah, da wars du awer schons kucken? Wien huet dem Klos sengem Hun dann d'Schwanzplomme geholl? Du, hé?

Fr.: Dem Klos sein Hun huet seng Plomme nach. Ech hun en de metteg nach gesin.

S.: Gés de! Wien huet dem Aenn senger Kâtz dann d'Zéiwe geschlaff?

Fr.: Secher d'Aenn selwer, ech allzeit net.

S.: Friedchen, wéss da dann och, wat d'Leit am Duerf ziélen? - Er schwarz Ko' géif weiss Möllech. Nu so emol, ass dat wouer?

Fr.: Ma gewöss! Hut dir da schon sdhwarz Möllech gesin?

S.: Wanns de mir sés, wou den wiertes Box ass, da soen ech dir och, wou ech schon schwarz Möllech gesin hun.

Fr,: Meng Mamm sot, ech soll neischt soen.

S.: Wanns de mir et sés, kriss de och eng ganz Kescht voll eidel Spulle mat hém.

Fr.: Wou sin déi Spullen dann?

S.: Ma do ennert dem Desch.

Fr.: Dir sot nemmen esou. Dir hat och gesot, dir géift mer eng Revolvertäsch an des Box maen, dir hut mer awer keng dra gemât.

S.: Dât huet sech net mache gelôss, mei léiwe Friedchen. Ech hat démols grad de Middel verluer. Ech hun es erem. Wanns de mer sés, wât mat denger Wiertesbox geschitt ass mâchen ech der ganz secher zwou Revolvertäschen an déi nei Box, du kriss och meng Spullen all.

Fr.: Ha nén, ech soen et net. Dir huet Nekels Nik gölde Knäpp u sei neie Costüm gesat a mir schwârzer aus Carton.

S.: Obé, Friedchen, ech werd dir da grad soen, wéi déi Sach gâng war: De Niki hât mir e Sâck voll Napoleonsbîre bruecht, fir all Knapp eng Dose Bîren. Wéi seng Mamm Eisekucke gebâck hât, du kuem en alt mat enger Köppelchen geschléft. Ech hun d'Oschteréer vun em krit an en halwe Prommefluet. Eng Kéier ko'm en mat engem Liter Vîz gesprongen, dat anert Mol hat en e Steck gebrode Kanengchen opgelueden. Hie gét mir Tubâk kâfen a kennt mer d'Foschfiedem erauszéien. Du geseis, hien huet seng gölde Knäpp verdengt.

Fr.: Ech géif mer meng och verdengen.

S.: Du brauchs mer nemmen ze soen, wéi et mat denger Box gangen ass.

Fr.: Dir lâcht mech aus. An ech soen et och net.

S.: Kuck Friedchen, wanns dû mer et sés, da bitzen ech dem Nikki och eng Nôl a seng nei Box.

Fr.: Hahaha! Ass dat secher?

S.: Ganz secher. Nawell zwou!

Fr.: (bedenkt sech) Et ass iech neischt ze trauen; ech soen et léiwer net.

S.: Da bitzen ech dir eng dran!

Fr.: Hä, ech wéss et elo! Da sichen ech se.

S.: Ech bitzen denger d'Bén zesummen.

Fr.: Da schneit meng Mamm se erem lass.

S.: Ech fiddere Salz a Brennesselen dran.

Fr.: Dat kritt meng Mamm och erem eraus

S.: Ech machen é Bén méi lang wéi d'anert, da léfs de schéin doremmer. Ech dréien dar se banne baussen...

Fr.: Nén, nén! Ech wöll keng nei. Da mecht meng Mamm mir eng! Ech muss iech jo net soen, wou meng Box ass.....(An engem Eifer) Git op de Kîschtebâm, do hängt se! (Fort)

S.: Hahaha! Friedchen! Friedchen! -----(Hält sech de Bauch a lacht)